



Dat sinn eng Rei oppe Froen, déi eng vertrag-lech Obligatioun hunn, déi Lëtzebuerg ka be-reieren, d'Rechter vum Parlament, alles dat ass net ganz kloer. Och déi zäitlech Limitatiounen bei den Travailleurs salariés sinn och net evident. An do muss ee soen, datt de Vertrag an eisen Aen op jidde Fall net präzisen genuch ausgehandelt ginn ass. Déi Limitatiounen op zweielef Méint oder op fénnef Joer, déi ugekë-negt gi sinn, déi den Här Angel och zu Recht ervirgehewen huet, bezéie sech haaptsäch-lech an der Lektür vum Vertrag op déi dräi éischt Paragraphen. De Lien vum Artikel 6 mat deene Referenzen ass net kloer hierstellen. Dat ass vläicht d'politesch Intention genuech gewiescht, well dat ass jo och hei widerholl ginn an et ass och an der Präambel dann esou duer-gestallt ginn, mä de Vertragstext gëtt et net hier. An dat sinn Onkloerheeten, déi an dësem Vertrag sinn. Dofir begrëisse mer d'Intentioun en général, awer et ass e Vertrag, dee vill Froe stellt a vill Froen opléisst op juristischem Plang. An dofir wäerte mer eis enthalten.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Da wär et um Här Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President, ganz kuerz. Jo, mir wäerten och eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn. Et kéint een à la limite vläicht e bësse bedauern, datt sech deen Echange haaptsächlech op d'Kadere reduziéiert, datt een dat méi oppen hätt kënne maachen. Mä trotzdem gi mir awer an eng richteg Richtung. Dofir wäerte mer och dee Projet de loi matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. Da wär et um Här Er-zéiungminister, stellvertriedend fir den Här Ausseminister. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Jo, Merci, Här President. D'Regierung freet sech iwwert déi breet Zoustëmmung hei am Haus zu dësem Gesetzesprojet, och wa se dann net maximal breet ass. Ech denken awer, datt déi Froen, déi opgeworf goufen, domadder ze beäntwerte sinn, datt mer hei natierlech eppes ausgehandelt hunn an een dann natierlech och vun zwou Säite muss kucken, datt een do eens gëtt.

Mir hunn och hei eppes innerhalb vun engem Kader ausgehandelt, dee souwuel mat der EU wéi och mat anere Länner geschafte gouf, sou-datt ech déi Fro vun der Inkompatibilitéit vun eenzelne Begrëffer do eigentlech net ka ganz novollzéien. Well mer eis grad och hei mat der Europäescher Unioun op deen dote Wee ge-maach hunn, denken ech, datt déi Gefor do net besteet, datt mer eis op aner Begrëff-lechkeete géife baséieren.

Dem Haus hei e grouse Merci fir déi Aarbecht, déi Der gelescht hutt, fir datt mer dëst Gesetz am Interessi vun de Relatiounen vum Cap-Vert mat Lëtzebuerg kënne ëmsetzen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Regierung. Mir kommen zur Ofstëm-mung iwwert de Projet de loi 7107.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7107 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer. 57-mol Jo, 3 Abstentionen. Domat ass de Projet 7107 mat grousser Majoritéit uegoholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty,*

*Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen? Jo?

#### **(Assentiment)**

Gutt. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6883, enger Ofännerung vun eisem Code du travail. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Lamberty, dee scho prett ass.

### **8. 6883 - Projet de loi portant modification du Code du travail**

#### **Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Claude Lamberty** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kollee-gen, scho fir d'Lissabonner Agenda aus dem Joer 2000, wat aus der EU den dynameschste Wirtschaftsraum vun der Welt ze maachen als Zil ausgëtt, zielt d'Formation professionnelle continue zu engem vun de wichtigsten Ele-menter am Berufsliewen.

Dat kënnt net vun ongeféier: Eng Grundforma-tioun ass wuel d'Fundament an den Zougang zur Berufswelt. D'Zil vun der Formation profes-sionnelle continue ass et, d'Salariéen, ob jonk oder al, besser a permanent op en Aarbechts-marché ze preparéieren a se an deem Marché ze halen; en Aarbechtsmarché, dee sech an de leschte Joren a Jorzéngte staark verännert huet. An enger Welt, déi ännert, ännere sech och d'Berufsprofiler, d'Offeren, d'Demanden, jee, et muss een hautdesdaags als Salaré op Zack sinn an an engem gewëssene Mooss oppe sinn, fir Ales ze verdéiwen an Neies ze entdecken.

Eng gelonge Formation professionnelle con-tinue schaaft eng individuell Plus-value, ka so-zial Inegalitéiten ausgläichen a minimiséiert de Risiko, an de Chômage ze falen oder do dauer-haft ze bleiwen.

Zënter 1999 erlaabt eist Aarbechtsrecht et do-fir, den Entreprises, déi hei am Land etabliéiert sinn, bei hire Plans de formation financéiert ën-nert d'Äerm ze gräifen. Den Institut national pour le développement de la formation profes-sionnelle continue oder kuerz INFPC ass dofir zu Lëtzebuerg zoustänneg.

Ier ech elo op déi eenzel Adaptatiounen ze schwätze kommen, wéilt ech awer nach e puer Zuelen nennen, déi am Fong de Kader fir dëse Projet de loi setzen. D'Unzuel vun den Entrepri-sen, déi d'Formation professionnelle continue ubidden, déi also vun der aktueller Legislatioun profitéieren, geet konstant an d'Luucht. Dat stellt verschidden Erausforderungen a puncto Berodung, Encadrement a Surveillance vun dëse Betriber a Formatiounen duer.

Een allgemengt Objektiv vun der Formation professionnelle continue ass et jo, d'Salariéen ze encouragéieren, u Formatiounen deelzehue-len. Dem INFPC no schreiwe sech d'Salariéen an der Moyenne fir 4,3 Formatiounen an, déi am Schnëtt 5,5 Stonnen daueren. D'Männer maachen där Statistik no liicht méi Forma-tiounen wéi d'Fraen an d'Dirigente respektiv d'Kadere maachen der och méi wéi d'Sala-riéen, ob elo qualifizéiert oder net qualifizéiert.

D'Salariéen iwwer 45 Joer leie mat 3,7 Forma-tiounen liicht ënnert dem Duerchschnëtt. A wann ee kéint op den éischte Bléck mengen, den Ac-cès zu Weiterbildungsmatiounen géife mat der Gréisst vun den Entreprisé wuessen, dann ass dat awer net ganz esou. Am Géigendeel: Wat d'Entreprise méi grouss ass, wat d'Dauer, a Stonne pro Mataarbechter gekuckt, vun dëse Formatiounen an der Moyenne erofgeet. Kon-kret: Wuel ginn a groussen Entreprisé méi Formatiounen ugebueden, mä wat d'Dauer vun dëse Formatiounen ubelaangt, bleiwen d'Leit manner laang an dëse Formatiounen, wéi dat a klengen Entreprises de Fall ass. Als Beispill: Sta-tistesoch daueren a grouse Firmen - grouss heescht mat méi wéi 1.000 Mataarbechter - d'Formatiounen véier Stonnen, während a klenge Betriber mat manner wéi zéng Mataarbechter ronn 13 Stonnen a Formatioun pro Mataarbech-ter gestach ginn. Bis elo huet de Stat den Effort vun den Entreprises, an hir Leit ze investéieren, mat 20% u finanzieller Hëllef ënnerstëtzt, fir Sa-lariéen iwwer 45 Joer bis zu 35%.

Här President, d'Zil vun de Mesuren, op déi ech elo gläich ze schwätze kommen, ass et net, méi auszeginn, mä besser a méi cibléiert d'Ef-

forte vun den Entreprises ze ënnerstëtzen an am Sënn vun enger Simplification administra-tive ze agéieren. Ech ënnersträichen: Weder soll d'Prozedur erschwéiert ginn nach sollen d'Be-triber an iergendenger Form gehënnert oder gebremst gi bei der Formation professionnelle continue vun hire Salariéen.

Mä wat soll erreecht ginn? Dat ass, dass déi Suen, déi a Formatiounen gestach ginn, besser investéiert ginn. Am Wuert Qualitéit läit also e wichtige Schlëssel zum Erfolleg. A wéi ech et um Ufank scho gesot hunn: Et geet drëms, effi-kass ze schaffen, dass d'Leit, déi an der Aar-bechtswelt dra sinn, mat der Entwécklung Schrëtt kënne halen, déi se brauchen an déi de Leit dann och am Endeffekt hir Plaz an der Aarbechtswelt net garantiéiert, mä d'Chancen daitlech verbessert, fir am Betrib eng Zukunft ze hunn. Dëst ëmmer gekuckt par rapport zu der Entwécklung an der Demande, déi un de Salaré gestallt gëtt.

De Stat kann a soll sech et och net leeschten, d'Formation professionnelle continue vun En-treprises ze vernoléisegen. Et ass ëmmer bes-ser, am Virfeld eng Formatioun vun engem Sa-larié ze kosubventionéieren, wéi duerno op aner Mesurë mussen zrëckzegräifen. De Fran-sous géif heizou soen: «Mieux vaut prévenir que guérir.»

Zu den eenzelne Mesuren: D'Regierung gesäit éischters vir, déi staatlech Hëllef am Kader vum Kofinanzement ëm 5%, vun 20% op elo 15%, ze kierzen. D'Subventioun fir de Salaré iwwer 45 Joer bleift allerdéngs bestoe bei den haitege 35%. Et si jo grad déi Mënschen, deenen eng Formatioun am meeschten zeguttkënn. Dofir sollen d'Entreprises doranner och widerhi mat dem identeschen Taux ënnerstëtzt ginn.

Da gëtt et an Zukunft e Plafonement vun den Investissementen, deen en fonction vun der Gréisst vun der Masse salariale ännert. Méi kon-kret heescht dat, bei ee bis néng Salariéen am Betrib ass de Plafong bei 10%. Tëschent zéng an 249 Salariéen ass de Plafong bei 3% an do-riwwer eraus, dat heescht, bei deene ganz groussen Entreprises ass de Plafong bei 2%.

De Kofinanzement vun der sougenannter For-mation d'adaptation au poste gëtt vun 173 Stonnen op 80 Stonnen erofgeschrauft a be-trëfft just nach déi onqualifizéiert Salariéen. Fir d'Ewechfale vun de Subventiounen vu verschid-denen administrative Fraisen an didakteschem Material ofzefiederer, kréien d'Entreprises zudeem e Forfait vu 500 Euro pro Demande zur Säit gestallt, fir dëst ze couvréieren.

Ier ech elo zum Schluss kommen, soll nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass d'Betriber mat dëse Mesuren net sollen ofgehole ginn, an d'Formation professionnelle continue vun hire Salariéen ze investéieren, mä dass soll ver-stärkt op d'Qualitéit vun de jeeweilege Wei-derbildung wäert geluecht ginn an dass d'En-treprisé méi geziilt Ennerstëtzung vusäite vum Stat kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt Iech e klengen Abléck an dëse Projet de loi ginn. Fir weider Detailer wéilt ech gären op mäi schrëftleche Rapport verwei-sen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a géif gläichzäitig den Accord vu menger Fraktioun, vun der DP, abréngen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischt age-schriwwen Riednerin ass d'Françoise Hetto-Gaasch.

#### **Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Weiterbildung geet haut an eiser schnelliwege Zäit näischt méi. Formation continue ass e Must, fir sech den ëmmer erëm neien Ufuerde-rung vum Aarbechtsmaart unzepassen a fir iwwerhaupt seng Plaz am Aarbechtsmaart ze fannen, wann dat, wat ee geléiert huet, net on-bedéngt eppes mat där neier Schaff ze dinn huet. Deemno ass d'Formation continue ee ganz wichtegt Instrument fir d'Betriber, fir op der Héicht vun der Demande vun de Clienten ze bleiwen.

Dass Betriber vun der Formation continue pro-fitéieren an ëmmer méi Betriber dovunner pro-fitéieren, domadder natierlech och vum Kofi-nanzement vusäite vum Stat, ass dorobber zrëckzeféieren, dass den Aarbechtsmaart a konstanter Evolutioun ass an dass d'Zuel vun de Betriber och konstant zouhélt.

Elo gi mer mat dësem Gesetz hin a kierzen de Budget ëm d'Halschecht. Dëst Gesetz ass deemno eng reng Spuermesure. Déi éischt fi-nanziell Repercussione wäerte sech am Bud-get 2019 weisen. De Fait, dass grad d'Forma-

tion continue eng Spuermesure ass, ass an den Ae vun der CSV een total falscht Zeechen. Am Moment gëtt dës Regierung nëmmelech, ouni mat der Wimper ze zucken, immens vill Suen aus fir aner Gesetzter a Projeten a geet elo mat dësem Gesetz hin a spuert an eisen Aen op där falscher Plaz.

Ech si ganz d'accord, dass een Abusen, déi an der Vergaangenheet iwwert d'Formation con-tinue gemaach goufen, sollt evitéieren, mä duerfir muss een emol genee wëssen, wat da schifgelaf ass a wou een dës Abusen hätt kën-nen evitéieren.

Amplaz, Här Minister, hei de grouse Griffel erauszehuelen an esou onnuanciéiert ze spue-ren, hätt mir eis gewënscht, dass een am Vir-feld emol eng fundéiert Analys gemaach hätt vun der Qualitéit vun de Formatiounen, vun der Qualitéit vun de jeeweilege Formateuren, an dann doropshin d'Kritären definéiert hätt, déi de Kofinanzement vusäite vun der Re-gierung géife konditionéieren.

Wou a wéi, Här Minister, géift Dir zum Beispill wëllen intervenéieren, fir esou eng Quali-téitsgarantie an der Formation continue ze ge-sinn?

Et ginn eng sëllege Formatiounen, et gëtt och eng sëllege Labelen, mä wat ass de geneeë Wäert vun all dëse Labelen? Wie vergëtt se? Wat seet d'Regierung derzou? Wéi eng wëllt Dir ënnerstëtzen a wéi eng net?

Wann een esou eng systematesch Analys ge-maach hätt, dann hätt een de Betriber kënne konkret weisen, wou se sollen a puncto Forma-tioun investéieren a wou net.

Hei gëtt einfach pauschal de Montant gestrach an zwar ëm 50%, vun 48 Milliounen op 24 Milliounen.

Nach leschten Hierscht, fir genee ze sinn de 15. November, hu mer e Gesetz, de 7001, ge-stëmmt, woumadder d'Formation continue vum Léierpersonal eropgesat ginn ass, dëst als Invest an d'Schoulqualitéit. Deemno schéngt den Invest an d'Aarbechtsqualitéit Iech net esou wichteg ze sinn. A mir hätten eis driwwer gefreet, wann een eng Jointe gehat hätt tëschent der Educatioun an dem Travail, fir och emol ze héieren, wat den Aarbechtsminister zu deem Ganze seet.

Mir hätten eis och gewënscht, dass déi Stonnenzuel vun der Formatioun fir d'Adapta-tion au poste de travail net radikal vun 173 op 80 Stonnen erofgesat gi wier, mä dass au cas par cas gekuckt géif ginn, ob eng Approbatioun géif gemaach ginn an zwar op Basis vun engem Dossier, deen d'Demande géif justifiéieren.

Dës Formatioun vun der Adaptation au poste de travail ëm och méi wéi 50% ze kierzen, ouni tëschent Posten, Beruf oder Profill ze ënner-scheeden, erschéngt eis kontraproduktiv an alt nees e falscht Signal.

Mir haten dem Minister duerfir proposéiert, op dës drastesch Spuermesure ze verzichten, well se carrement op Käschte vun de Salariéen ouni Qualifikatioun geet. De Minister war leider net ëmzestëmmen an huet nach emol den Objectif principal vun dësem Gesetz ënnerstrach - esou steet et och am Rapport -, an zwar d'Fraise vum Kofinanzement bei der Aide à la formation am Betrib ze limitéieren. D'Zil ass also ganz kloer, Här Lamberty: Et geet drëms, manner Suen auszeginn!

Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm eng reng Spuermesure.

An deem Kontext bedauert och d'Chambre des Métiers zudéist, dass d'Patronen elo mussen d'Käschten iwwerhuelen, fir Leit ouni Qualifika-tioun, Leit, déi an eisem Schoulsystem echouéiert sinn, fit ze maachen, an et an deem Moment am Fong geholl d'Patrone sinn, déi dann elo den Apprentissage initial musse finan-zéieren. Hätt een déi 173 Stonne bäibehalen, wier dat ee positivt Signal gewiescht fir d'Entre-prises an d'Ennerstëtzung vusäite vum Stat hätt gewisen, dass de Secteur vun de PMEen him wichteg ass.

Här President, mir bedauern dernieft, dass tëschent dem Moment vum Depôt an der Pre-sentatioun vun den Amendementer e ganz Joer vergaangen ass. Wéisou huet dat esou laang geschleeft, Här Minister?

Entreprisë brauche Begleedung, Entreprisë brauchen awer och Surveillance. A sécher, dat kascht Zäit an Opwand, mä et ass eng wesent-lech Contributioun vum Stat, fir d'Entreprisë staark ze maachen, fir se ze guidéieren, fir se fit ze maachen oder fit ze halen. An duerfir be-





daure mir, dass de Montant ëm d'Halschecht gekierzt gëtt. Dëst treëft net nëmme déi grouss Entreprises, mä och déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber.

Wéi ass net och am Virfeld gekuckt ginn, wat déi eenzel Modifikatiounen un der aktueller Gesetzgebung dann och konkret géifen aspieren? Wier et net iwwerhaupt emol sënnavoll gewiescht, eng Lëscht ze hu mat sämtlechen obligatoresche Formatiounen, déi vun de jeeweilege Ministären ugebuede ginn?

Wier et net och wëschenswäert gewiescht, dass de Plafonement vum Investissement a Formation continue net just fir d'Minientreprises, also déi mat bis zu zéng Salariéen, vun 10% op 20% eropgaange wier, mä och fir Betriber, déi tëschent 10 an 249 Leit beschäftegen? Hei hätt ee sech kënne virstellen, dass de Plafonement net just bei 3% vun der Masse salariale géif leien, mä och op 6% eropgesat gi wier. Dat ass iwwerengs och de Wonsch vun der Chambre des Métiers an der Chambre des Salariés.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei gëtt an den Ae vun der CSV definitiv op där falscher Plaz gespuert. Wien a Weiterbildung investéiert, wuelverstanen a qualitativ héichwärtig Weiterbildung, deen investéiert a säin Aarbechtsmaart a leescht en plus wäertvoll präventiv Aarbecht géint de Chômage a géint d'Failliten.

Opgrond vun alle genannten Argumenter wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Hetto. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Weiterbildung ass ouni Zweifel Deel vun den Äntwerten, fir och an Zukunft Aarbechtsplazen ze sécheren. Virun allem an enger Welt an zu enger Zäit, wou alles esou schnell changéiert, an där d'Digitaliséierung risquéiert, scho geschwënn eng Rei Aarbechtsplaze verschwannen ze doen an neier ze schafen. Et geet drëms, fir de Concernéierte Moyenen ze ginn, hir Aarbechtsplaz ze halen an awer vläicht och eng nei Aarbechtsplaz ze fannen.

Zu Lëtzebuerg gi vill Efforten ënnerholl, fir d'Formation continue ze fërderen. Den INFPC offréiert eng sëllege Formatiounen an alle Beräicher fir Leit, déi sech am Ufank oder am Laf vun hirer Carrière weiterbilde wëllen. Am Enseignement spillt den nach rezenten IFEN eng wichteg Roll an der Weiterbildung a fir d'Administratiounen ass de staatleche Formationszenter zoustänneg.

Wéi mir 1999 d'Kofinanzéierung agefouert hu fir d'kollektiv Formatiounen, déi vu private Betriber ugebuede ginn, hu mir e weidert Instrument geschafen, fir d'Weiterbildung national ze fërderen. Deemools an engem Kontext, an deem déi Lëtzeburger Privatbetriber relativ wéineg an hir Formation continue investéiert hunn, an dat gekuckt am europäesche Vergleich. De Wirtschafts- a Sozialrot hat am Virfeld eng Rei Avisen iwwert d'Problematik ausgeschafft an ënner anerem och d'Fro gestallt, ob een d'Betriber soll gesetzlech zwéngen, an d'Formatioun ze investéieren, nom fransésische Modell. De Wirtschafts- a Sozialrot huet awer fonnt, dass dat net dee richteg Wee wär, well d'Betriber domat incitéiert géifen, Formatiounen unzibidden, déi oft keng Plus-value mat sech bréngen, mä just derzou gedéngt hätten, Quoten ze respektéieren.

Zu Lëtzebuerg hu mer dunn decidéiert, d'Formatioun vun de Betriber ze kofinanzéieren, dat an der Héicht vu bis zu 15%. 2008, wéi d'Finanz- an d'Wirtschaftskris dunn zu Lëtzebuerg ukomm ass, gouf de Kofinanzement eropgesat an netqualifizéiert souwéi eeler Salariéen iwwer 45 Joer kruten hir Formatioun souguer bis zu 35% kofinanzéiert.

D'Zuel vun de Formatiounen ass zënterdeem och an d'Luucht gaangen. Allerdéngs huet den Observatoire de la formation continue festgestallt, dass et virun allem Kaderen an héichqualifizéiert Salarié sinn, déi am meeschte Formatiounen suivéieren. Virun allem d'Salariéen aus dem Finanz- an Assurancésektor hu vun deem Kofinanzement profitéiert. Si krute ronn 13,3 Milliounen vun de ganzen 53,7 Milliounen Euro, ee Véierel vun der Gesamthëllef, während d'Hëllef fir déi kleng Entrepris vu manner wéi néng Salariéen zréckgaangen ass.

Här President, mat der Gesetzesännerung, déi mer haut hoffentlech hei stëmme wäerten, ver-

siche mer, déi finanziell Hëllef ze rekadréieren, andeems mer se besser a méi effikass verdeelen, virun allem op déi kleng Entreprises. Vun de ronn 54 Milliounen Euro u Kofinanzement vum Stat sinn der nämmlech 2014 47,3 un Entrepris gaangen, déi méi wéi 75.000 Euro an d'Formatioun investéiert hunn, haaptsächlech also Groussbetriber, während der nëmme 6,4 Milliounen u Betriber gaange sinn, déi manner wéi 75.000 Euro an hir Weiterbildung investéiert hunn.

Dir gesitt also, wourobber ech eraus wëll. An et ass am komplette Géigesaz zu deem, wat d'CSV virdrun hei gesot huet. Et geet eis drëm, dass d'Suen do ukommen, wou se wierklech gebraucht ginn. An dat ass bei deene Salariéen, déi wéineg qualifizéiert sinn, an deenen eelere Salariéen, fir déi weider eng Kofinanzéierung vu 35% gëllt. A bei deene kleng Betriber, déi d'Recht kréie, bis zu 20% vun hire Formatiounen par rapport zu hirer Masse salariale kofinanzéiert ze kréien, während den Taux fir Groussbetriber op 2% limitéiert gëtt. Domadder garantéiere mer, dass d'Betriber, déi d'Suen hunn, fir Formatiounen ze maachen, déi Suen net och nach zum Deel iwwer Steuersuen zréckbezuelt kréien. An Zukunft verdeele mer déi Suen also méi differenzéiert. An dat, léif Leit vun der CSV, ass gutt an och richtig esou.

Här President, dat ass och de Grond, firwat mir an deem heite Fall net dergéint sinn, dass déi staatlech Kofinanzéierung nees vun 20 op initial 15% vun de Formatiounen zréckgeet. Wéi mir 2008 dee méi héije Kofinanzement gestëmmt hunn, do stoungen d'Welt an och Lëtzebuerg virun der gréisster Finanz- a Wirtschaftskris zënter 1929. D'Politik huet du reagiert an d'Betriber, niewent villen anere Mesuren, iwwert de Wee vun där méi héijer Kofinanzéierung ënnerstëtzt. Dat war och gutt esou.

Mä haut, Här President, ass d'Kris zu Lëtzebuerg awer hanner eis. Mir schreiwen zanter enger Rei vu Joren nees ganz positiv Wuessumszuelen. Mir mengen duerfir, dass et nees un der Zäit ass, de Betriber - de Betriber! - erëm méi eng grouss Responsabilitéit zouzeschreiwen, fir hire Salarié Formatiounen unzibidden.

Mir begrëssen et duerfir och, dass mer mat deem neie Gesetz méi streng Konditiounen aféieren, fir vum Kofinanzement profitéieren ze kënnen, a méi genee gekuckt gëtt, wat fir Formatiounen eigentlech gehollef kréien. Mir wëllen also net mat der Strenz, wéi dat virdru vläicht esou üblech war, d'Sue verdeelen. Neen, mir wëllen dat hei vill méi differenzéiert, vill méi geziilt maachen.

Och begrësse mer et, dass elo kloer Strofe virgesi sinn am Fall vun Abusen. Här President, mir sinn awer och der Meinung, dass mer an enger Rei Joren de Bilan maache musse vun deenen Ännerungen a kucken, ob mer mat dëser Reform eis Ziler och erreicht hunn.

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach eng Keier kuerz op den Avis vun der Chambre des Salariés agoen, déi bedauert, dass d'Regierung eng ze vill quantitativ, an net qualitativ genuch Approche zu der Formation continue hei géif anhuelen. Genee deem wëlle mer jo awer mat dësen Ännerungen géigesteieren. An enger nächster Phas musse mer dann och kucken, wéi mer d'Formatioun qualitativ verbessert kréien.

De Minister hat eis an der leschter Reunioun vun der Educationskommission matgedeelt, dass hien an deem Sënn eng Reform vun der Formation continue géif erschaffen. Vläicht kéint en eis dann uschleissend och e puer Präzisierungen dozou ginn.

Ech soen lech elo emol scho Merci fir d'Nozuechteren, an ech ginn och domadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An den Här Adam ass prett, als nächste Riedner unzetrieden.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech mengen, wa mer eis op engem Punkt eens sinn hei alleguer, dann ass et, dass mer d'Formation continue als wichteg bezeichnen.

Ech mengen, et muss een awer och an dësem Kader eng Keier soen, dass d'Formation initiale eigentlech nach méi wichteg ass. An de Georges Engel huet et gesot, an ech deelen déi Meinung och, oder d'Zuele weisen et aus: Leit, déi eng gutt Formation initiale hunn, sinn éischter bereet, och nach an d'Formation continue ze goen. Et sinn déi, déi am meeschte vun der Formation continue profitéieren.

Et ass alles gesot. Ech wäert mech kuerzfaassen. 1999 sinn Entrepris finanziell ënnerstëtzt ginn, fir Formation continue unzibidden. 2008 ass dee Kofinanzement eropgesat ginn. Haut setze mer dann eng Rei vun deenen Hëlfeften erof.

Dat kann een elo interpretéieren als reng Spuermeasure. Ech ginn awer ze bedenken, datt, wann een dem Stat wëllt virwerfen, a besonnesch och nach dem Educationministère, e wëllt op der Formation continue spueren, da muss een awer kucken, wat dann de Patron, de Ministère de l'Éducation nationale, alles an d'Formation continue investéiert huet an der leschter Zäit. Ech mengen, et ass vun de Fonctionnaire geschwat ginn, et ass vun dem Léierpersonal geschwat ginn, wou mer d'Formation continue verduebelt hunn. An ech mengen, et geet och net duer, einfach d'Formation continue an der Unzuel vu Stonnen eropzesetzen. Mä, an et kritt een och heiansdo Feedbacken, och beim Léierpersonal, wou dat eropgesat ginn ass, et geet wierklech och ëm Inhalter. Et ass net onbedéngt méiglechst vill Formation continue, déi dann och méiglechst vill Resultater huet. Et ass scho wierklech wichteg, datt een och iwwerwaacht, wat dann erauskënn.

An ech mengen, do ass all Patron an der Verantwortung. An duerfir geet et jo awer och , fir drun ze erënneren, datt et hei net de Stat ass, dee Patron ass, mä hei sinn et Privatbetriber, deelweis och staatlech Betriber, déi funktionéiere wéi e Privatbetrib, déi an der Verantwortung sinn an déi d'Responsabilitéit droen. A selbstverständlech ass et richtig, wann ee seet, wann een an d'Weiterbildung vu sengem Personal investéiert, investéiert een a säi Betrib. An ech fannen et positiv, wann de Stat déi Efforten ënnerstëtzt an och subventionéiert. Mä d'Verantwortung wäert och an Zukunft beim Betrib bleiwen.

An et ass och gesot ginn, an et ass festgestallt ginn, datt do déi eng oder déi aner Abuse bedriwwen gi sinn. An et kann eis och net egal sinn, wann op eemol staatlech Hëlfe fir Privatbetriber an d'Endlost wuessen. An an deem Sënn begrëssen ech och deen Effort, deen hei gemaach ginn ass vun der Regierung, fir a geuerdent Bannen ze kommen.

An duerfir bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Adam hat an engem Punkt ganz sécher recht: Et ass schon alles gesot. Dofir wëll ech probéieren, nodeem ech deenen engen an deenen aneren nogelauschert hunn, nach vläicht déi eng oder aner politesch Consideratioun ze maachen, déi nach net gemaach ginn ass. Mä ech wëllt virun allem och dem Här Lamberty Merci soe fir säi Rapport.

Et wor e ganz interessante Rapport an deem Sënn, datt et esou en Exercice an „Newspeak“ ass. Et ass interessant nozuelauschteren, wéi dës Koalition hei an hiren dräi Riede probéiert ze rechtfertegen, datt u sech, wéi d'CSV et gesot hat, richtig gesot hat, an der Formation professionnelle gespuert gëtt.

Et ass eng Ëmsetzung vum Zukunftspak, e Pak, deen den Här Minister Etienne Schneider eng Keier en public aus diverse Grënn als „Feeler“ bezechent huet. Abee, hei setze mer de Feeler weider ëm. An et ass och interessant, fir ze kucken, wéi d'LSAP en particulier dann dat argumentéiert.

Mir hunn hei eng Coupe an der Formation professionnelle, obschonn et am Rapport vum Här Lamberty ganz richtig heescht: D'Formation professionnelle continue, dat ass eng Moossnam géint de Chômage. Et ass u sech per se en Investissement op där richteger, op där gudder Plaz. An da geet de Rësonnement weider, dee mer hei héieren hunn, fir ze soen: „Mä u sech hunn“, dat ass e bëssen en ale sozialistesche Reflex vum Sozialnäd, „u sech hunn nëmme déi uewe profitéiert.“ Dat sinn d'Kaderen. An da kënnt den Här Adam a seet: „Jo, mä als Beispill, mir hu jo och vill an d'Beamten an an d'Schoulmeeschteren investéiert.“ Dat ass richtig. Dat sinn awer och Kaderen. An dofir fanne mer d'Approche richtig.

Mä wat elo bei där Approche: „Et sinn déi douewen!“, wat do eigentlech hypokritesch ass, dat ass, et gëtt och do net gesot, datt dat néideg ass, och am Banken- an am Finanzsektor, datt dat och de Wëlle vun dëser Regierung war, fir an dës Richtung ze goen. Well a kaum engem anere Sektor sinn esou vill nei Contrainten, esou vill nei Regeln agefouert ginn, wéi ebe just am Banken- an am Finanzsektor no der Kris vun 2008. An dofir ass eng Formation continue an deem Beräich absolut néideg an noutwendeg a gewënscht vun der Regierung. Gewënscht, a vun eis alleguer gewënscht, well noutwendeg.

Dofir ass de Rësonnement u sech absurd, fir ze soen: „Et sinn nëmme déi, déi profitéiert hunn!“, wou awer mir hei als Politik oder dës Regierung un éischter Plaz eben déi Regeln

agefouert hunn, déi déi Formation professionnelle néideg gemaach hunn. Sozialnäd, Kaste-logik sinn eng falsch Approche an dësem Domän.

Fir eis sinn och e puer gutt Saachen an deem Projet de loi, dat wëll ech iwwerhaupt net a Fro stellen. E puer Simplifications administratives, eng Approche Grupp an esou weider an esou virun. Mä näischt dovunner entkräft déi Kritiken, déi d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Métiers formuléiert hunn. Déi sinn am Fong justifiéiert. Et ass eng Spuermoossnam. An et ass eben och eng Benodeelegung vun Entreprises, déi bis elo awer konnte méi vum Stat, vu staatlecher Hëllef profitéieren wéi elo.

Ech mengen, dat sinn Tatsaachen. Ëmsetzung vum Zukunftspak, spueren op där falscher Plaz. Mir wäerte muer nach, an och an Zukunft ëmmer erëm, vu Gesetzter schwätzen, wou de Stat ganz vill Suen huet, onbeschränkt vill Suen, fir méi ideologesch Saachen do ze finanzéieren, déi méi an deem Konzept vun dëser Regierung sinn. An hei, wou et u sech ëm e puer Milliounen geet, déi kéinte sënnavoll an d'Leit investéiert ginn, déi kéinten eng Moossnam präventiv géint de Chômage sinn, hei gëtt gespuert.

Dat ass eng Approche, déi mir als ADR net wëlle matdroen. Mir hunn eng sozial Orientéierung an eiser Approche. Dat hei verstéist dogéint. Dofir wäerte mir dëst Gesetz net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. An den Här David Wagner ass ënnerwee. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass scho gesot ginn: Deen heite Projet de loi, deen ass entstanen aus den Nowéie vum Spuerpak, deen dës Regierung am Ufank vun dëser Legislatur emol ganz schnell dohinnergekiwwelt huet, fir ze beweisen, dass se eppes géif maachen.

Elo hu mer erëm d'Nowéien dovunner. Et kann een net méi mat manner maachen, an op kee Fall an deene Beräicher, wou d'staatlech Investissementer am meeschten néideg sinn. Dat ass an der Schoul an natierlech och an der Ausbildung an an der Formation continue. A souwuel d'Salariatskummer wéi och d'Fonctionnaireskummer weisen an hirem respektiven Avis dorop hin, datt duerch dëse Projet de loi versicht gëtt, manner auszeginn, mam eidele Pretexte, d'Statssue besser ze verwalten am Kontext vun der Austeritéitspolitik.

Et ass effektiv esou, datt d'Uleies vum Gesetzesprojekt, gemengt sinn d'Ënnerstëtzung an d'Entwécklung vun der Formation continue, a kompletter Kontradiktion mam Usaz, also der Applikation vu Spuermesuren, steet. Den zoustänneg Minister identifizéiert mat Recht de Problem vun engem Manktum u Qualifikatiounen bei der Masse salariale a spezifesch vun adequate Qualifikatiounen, déi dem aktuellen Aarbechtsmarché entsprechen. Duerch d'Formation continue soll d'Aarbechtskraaft also dem schnelle Wandel, dem Besoin vum Aarbechtsmaart, ugepasst ginn, an eng besser Erhaltung vun der professioneller Aktivitéit garantéiert ginn.

Den Educationministère dokumentéiert och unhand vu statisteschen Donnéeën, datt d'Salariéen iwwer 45 Joer schon esou jonk dem Aarbechtsmaart souzesoen am mannsten ugepasst sinn. Doriwwer misst een och eng Keier diskutéieren. Dës Kategorie vun der Aarbechtskraaft hält am mannsten u Formatiounen deel a scheit sech am meeschte viru Formatiounen an deene vun der Regierung esou héichgeschaten ekonomesche Beräicher wéi Management, Finanzen, Konta, Droit oder Info-com. Dës Leit sinn also der Prekaritéit vum Aarbechtsmarché staark ausgesat. Mä dat gëllt och fir déi Jonk, vun deenen an dësem Projet de loi u sech och net esou richtig rieds ass, mä déi awer wäerte vun dësem Problem staark betraff ginn, falls net méi an d'Schoul an an d'Ausbildung investéiert gëtt. Well et muss een drun erënneren, datt een Drëttel vun deene Jonken et emol net méi bis op den Aarbechtsmaart packt, wéi eng Etüd vum LISER och bewisen huet. Déi sinn natierlech och net an den esou schéine Chômagezuelen erëmzefannen. Doriwwer misst een och eng Keier diskutéieren, wat déi iwwerhaupt nach haut bedeiten.

Här President, d'Prekaritéit vum Aarbechtsmarché ass d'Resultat vun enger verfeelter Wirtschafts- a Sozialpolitik, virun allem. D'Wandlung vum Aarbechtsmarché an d'Budgetkierzungen an der Formation continue sinn op politesch Decisiounen zréckzuféieren. Et ass also keng Fatalitéit, wann et haut un deenen





néidege Kompetenze bei de Salariée feelt a wann et zu enger Inkohärenz tèschent Offer an Demande um Aarbechsmarché komm ass.

Et kann een dës Phenomeener net bekämpfen am Kader vun enger Politik, déi dem pyromane Pompejessyndrom entsprécht. Phenomeener, déi duerch eng Austeritéitspolitik entstinn, bekämpft een net mat Spuermoossnamen. Et ass also lachhaft ze behaapten, et géif een d'Formation continue an de Betriber fuerderen, andeems ee staark de Budget sträicht, dee fir d'Entwécklung vun der Weiterbildung am professionnelle Beräich zur Verfügung stoung.

Esou bleiwen de Betriber, vu ganz kleng iwwer méttel bis ganz grouss, nach eppes wéi d'Halschent vun de finanzielle Moyenen iwwreg, déi sollte fir d'Organisation vu Formationen agesat ginn. Dat steet och kloer am Widdersproch mam Argument, datt d'PMEn am beschten ënnerstëtzt ginn duerch déi geplangten Ëmverdeelung vum Budget vun uewen no ënnen. Manner Budget bleift insgesamt manner Budget, och wann d'PMEn de gréissten Undeel kréien. Am Ufank waren 10% ugeduecht. Schlussendlech sinn déi 10% op 20% eropgesat ginn, och op Drock vun der Chambre de Commerce. D'Chambre des Salariés hat dat zwar och bemängelt, mä ech hunn heiansdo den Androck, datt trotzdeem d'Chambre de Commerce e bैसे méi e groussen Afloss huet op dës Regierung, well et ass rar, datt op d'Chambre des Salariés gelauschert gëtt.

Här President, och aner Restriktionen, déi dës Projet de loi virgesäit, si problematesch am Kader vum Maintien dans l'emploi an der besserer Viraussicht op eng Aarbechtsplaz, wéi d'Erofsetze vun den 173 Stonnen op 80 Stonne vun de Formationenstonnen am Kader vun enger Adaptation au poste de travail. Mä och d'Exklusivrecht vun onqualifizéierte Salariéen op dës Formationen oder déi, déi keen Diplom hunn am Verhältnis mam Beruff, ass diskriminatoresch an dréit net zu engem generellen Opbau vun de Kompetenze vun all de Salariéeen. A souwisou muss ee sech d'Fro stellen: Wien decidéiert, ob deen Diplom am Zesummenhang mam Beruff ass? Ass dat de Betrib, deen dat och kann arbiträr decidéieren? Dat ass och eng Fro, déi d'Chambre des Salariés opwërf.

Voilà, ech wäert och schonn dobäi bleiwen. An ech wollt awer just schlussendlech, finalement, nach déi Fro opwerfen, well mer ëmmer vu Formationen schwätzen, vun Aarbechsmarché schwätzen, vu Leit, déi anscheinend net adaptéiert sinn, Jonker, déi net adaptéiert sinn, Eeeler, déi net adaptéiert sinn. Hautzudaags ass ee scho mat 45 Joer en eelere Mënsch, obwuel gesot gëtt: 40 Joer haut, dat ass 30 gëschter gewiescht.

U sech huet ee permanent ëmmer den Androck, datt de Salarié sech net adaptéiert. An duerno muss een och ëmmer mat deene Phrasen rechnen, datt mer an enger Welt liewen, déi sech schnell verännert, all Dag, permanent, an datt sech alles digitaliséiert, an dann huet een déi schéin, wonnerschéi Schlagwierder zesummen, fir ze soen: „Voilà, elo kënne mer näischt un der Ekonomik an un enger Industriepolitik maachen, fréckelen, mä mir musse permanent iergendwéi de Problem bei de Salariéeen siche goen, ob se jonk sinn oder al.“

An d'Fro ass einfach och eng politesch Fro, eng Fro, déi sech hei stellt, mä ob iwwerhaapt an Europa et d'Salariée sinn, déi sech dem Aarbechsmarché mussen adaptéieren! Oder wier et net vläicht och un der Zäit, datt den Aarbechsmarché sech de Besoine vun de Bierger an och de Salariéen adaptéiert, esou wéi eng gesond Ekonomik misst funktionéieren? Well ech mengen, mir gi justement an eng esou de-reguléiert Welt eran, datt een esou vill Formationen wäert kennen ubidden, datt schlussendlech d'Leit an enger „Über-iséierter“ Welt wäerte musse liewen, sech quasiment erëm wéi am 19. Jorhonnert als Doléiner mussen dohinnerstellen. An esou gutt se forméiert sinn, wäerte se och net weiderkommen, fir en dezent Liewen ze hunn. Dat war eng kleng Iwwerleung um Schluss vun dëser Kritik vun dësem Projet de loi. An Dir hutt et scho verstanen: Mir wäerten dës Projet de loi net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wagner. Mir wäeren domat um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Educationsmi-nister, den Här Claude Meisch.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischte e grouss Merci un de Rapporteur,

de Claude Lamberty, deen eis hei nach eng Kéier an d'Matière agefouert huet.

Mir sinn eis an engem jo alleguerten eens, an dat ass ze begrëssen: D'Wichtigkeet vun der Formation continue, an dësem Fall eng Formation professionnelle continue, mä och an anere Beräicher, datt jiddweree sech à jour soll halen, neien Erausforderunge soll upassen, sech soll dem technologesche Fortschrëtt adaptéieren, mä awer och mat dem wirtschaftleche Wandel an eenzelne Branchen natierlech soll kënne mathalen, fir virun allem seng Employabilitéit ze garantéieren an héichzehalen.

Dat ass, mengen ech, en Effort, dee vu jidder-engem selwer noutwendeg ass. Dat ass awer sécherlech och eng Obligation, déi vun den Entreprisén muss gemaach ginn, déi och an d'Employabilitéit an an d'Performance vun hiren eegene Salariéeen sollen investéieren. Dovunner profitéiere si fir d'Alleréischte emol am meeschten. An, jo, ech denken, et ass och eng Aufgab vum Stat, fir déi néideg Instrumenter zur Verfügung ze stellen, sief dat Strukturen, déi hëllefen oder déi garantéieren, datt d'Formation continue gemaach gëtt, sief dat an dësem Fall eng finanziell Hëllef un d'Entreprises, fir datt se selwer nach méi staark encouragéiert sinn, fir an d'Formation continue ze investéieren.

An deen Encouragement, dat ass virun den gesot ginn, ass eropgesat ginn. Am Ufank vun der Finanzkris 2008/2009, weist de Rapport vum Claude Lamberty ganz däitlech, hate mer e Budget vu 27 Milliounen. Mir sinn dunn 2013 bei 48 Milliounen gewiescht, an 2017 schätzungsweis bei 70 Milliounen gewiescht.

Dat kann een elo e Succès nennen op där enger Säit, datt vill méi gemaach gëtt. Ech denken, datt dat virun allem emol domadder ze dinn huet, datt vill méi Entreprises an och vill méi Salariéen an de Genoss dovunner kommen. Op där anerer Säit, denken ech, soll een dat dann awer och nach eng Kéier hannerfroen. Well wann e Budget an deem doten Zäitraum vun 2009 op 2017 ëm 160% wiest, oder vun 2013 op 2017 ëm 45% wiest, ass dat awer eppes, wat een am A sollt behalen, well et jo hei net nëmmen drëm geet, fir vill Geld auszeginn an ze mengen, domadder hätt ee méiglechst vill gemaach. Et geet eben och drëm, fir ze kucken: Wat geschitt mat deem Geld? A wéi kréie mer et am Endeffekt wirklech bei de Salarié, bei déi Entreprises, wou et besonnesch wichteg ass, fir datt d'Employabilitéit vun deene Beschäftegten dann och wirklech ka gestärkt ginn?

Duerfir fannen ech, datt grad déi - an ech liesen an ech lauschtere jo vill, wat och soss doruechter gesot gëtt -, datt grad déi, déi op eng antizyklesch Politik pochen, datt dee Moment, wann et der Ekonomik méi schlecht geet, de Stat och emol méi soll hëllefen, an dee Moment, wann et der Ekonomik besser geet, de Stat och vläicht seng Hëllef nach eng Kéier muss rezentriéieren an och nach eng Kéier konzentriéieren op dat Eenzelt, datt een dann awer och mat dësem Projet de loi, mat dëser Approche, déi mer hei un den Dag leeën, eigentlech misst d'accord sinn.

Wann een also gären antizyklesch Politik hätt, wann een och gären hätt, datt mer eng Budgetkonsolidéierung maachen, wann een och gären hätt, datt ebe grad a gudden Zäiten - mir si momentan an enger gudder Zäit, mat där Croissance, déi mer hunn, an och mat der budgetärer Situatioun -, datt een do nach eng Kéier kuckt, datt och d'Depensen am Grëff bleiwen, dann, denken ech, soll een awer och hei eng Kéier en A drop werfen.

Et geet hei net drëm, fir mordicus wirklech manner auszeginn, et geet eben och drëm, fir besser auszeginn. An dat war d'Hauptzil an deem Recadrage, deen hei virgeholl gëtt, dee mer och nach eng Kéier am Dialog mat der UEL diskutéiert hunn.

Et ass gefrot ginn: Firwat huet et ee Joer laang gedauert, bis mer Amendements gouvernementaux bruecht hunn? Mir hunn net ee Joer laang, mä awer intensiv, mat der UEL nach eng Kéier iwwer eenzel Aspekter diskutéiert, fir nach eng Kéier am Feinschliff ze kucken: Wéi kënne mer mat deene budgetäre Moyenen, déi mer wëlle reservéieren, wéi kënne mer do am beschten den Hiwiel uleeën, fir am meeschte Resultat kennen ze kréien? Dat hu mer an den Amendements gouvernementaux nach eng Kéier probéiert ze erreechen.

Fir de Rescht war et fir mech kloer, datt mer wirklech musse kucken, datt mer deenen Entreprises, déi net vu sech aus eng Kultur hunn an eng Struktur hunn, well se net esou breet opgestallt sinn, vu Formation continue, datt mer deenen et nach méi staark schmackhaft maachen, fir sech och an déi dote Richtung ze bewegen, datt mer also hei kucken, déi Entre-

prise ze protegéieren, déi mer als Kleng- oder Méttelentreprise bezeichnen, datt déi nach éischter Accès och zu deene finanziellen Hël-lefen hunn, och andeems mer den adminis-trativen Opwand net an den Himmel wuesse loos-sen, well et ass dat, mengen ech, nach méi wéi elo d'Geldmoyenen heiansdo, en Hindernis duerfir, fir iwwerhaapt Formation continue un-zebidde respektiv fir iwwerhaapt vun enger fi-nanzieller Subventioun ze profitéieren. An d'Re-gierung huet och vun Ufank u gesot, datt mer bei där cibléierter Approche wëlle bleiwen, datt mer bei enger Populatioun, déi méi vulnerabel ass vum Alter hier, vun der Formation hier, och bei deem héijen Taux de subventionnement wëlle bleiwen. An dat fannt Der jo och an den Texter erëm. An ech denken, et ass vu jid-derengem hei begréisst ginn.

Et huet de Mëtten an der Debatt deelweis esou geklongen, wéi wa mir hei géife reglementéieren, wat d'Entreprises a maximaler Formation continue sollte maachen. Neen, dat ass et jo net. Mir regléieren hei, wat dee staatleche Kofi-nanzement ass. Mä ech hu virdru gesot: Et ass eng Responsabilitéit vun all Eenzelne, et ass eng Responsabilitéit vun engem Patron, an et ass och eng Responsabilitéit vum Stat. An d'En-treprise bleift an der Responsabilitéit. A se kann natierlech selbstverständlech iwwert déi Mon-tante vu Stonnen, déi hei genannt goufen, däitlech erausgoen, wa se dat am Interessi vu sech selwer an am Interessi vun deene Beschäf-tigten dann och esou gesäit.

Ech hu gesot: Vill Budget ausginn, vill Geld aus-ginn, dat garantéiert nach net, datt et ukënnt bei deenen, wou mer gär hätten, datt et ukënnt. Duerfir maache mer dee Recadrage hei, datt et do ukënnt. Et garantéiert och nach net, datt mer eng Formation hunn, déi vun héijer Qualitéit ass. An ech denken, datt dat wirklech den nächste Schrëtt muss sinn. An eenzel Riedner sinn dorop agaangen.

Ech hätt gär, datt mer och nach am Laf vun dë-ser Legislaturperiod en Text eran an d'Chamber bréngen, an de legislative Prozess bréngen, fir och ze kucken, wéi mer d'Qualitéit garantéieren. Well et bréngt näischt, datt e Salarié eng Formation continue mécht, datt se finanziéiert gëtt, sief et vum Patron eleng oder och nach kofinanziéiert gëtt iwwert de Statsbudget, wa se net wirklech vun héijer Qualitéit ass a wa se deem Beschäftegten net wirklech hëllef a seng Employabilitéit an Zukunft och nach stärkt. Dat muss d'Zil sinn. A mir brauchen en Organ, deen en A dorobber wëert, an dat net all Formationen herno nach wäert iwwerhaapt kënne stattfanne respektiv net all Formationen och nach vun engem Kofinanzement ka profi-téieren, mä datt mer déi, déi den Qualitäts-standard entspréchen, datt mer déi och nach ganz besonnesch ënnerstëtzen.

Mir stellen eis vir, datt mer eng Akkreditéierungsprozedur aféiere fir d'Formateuren - dat sinn haaptsächlech Entreprises, well zan-terdeem dat heiten a Kraaft getrueden ass, ass do e ganze Secteur, och e Wirtschaftssektor vu Formationen entstanen -, datt net jiddweree muer ka seng Entreprise opmaachen a soen: „Elo bidden ech emol den Entreprises hei am Land Formationen un.“, mä datt ee fir d'Éischt eng Akkreditéierung brauch, mat där mer sécherstellen, datt d'Qualitéit gewärleescht ass, éier mer dann duerno och iwwer e Kofi-nanzement kënne schwätzen.

Dat wäert nach Diskussiounen bedeite mat de Chamberen, souwuel der Chambre des Salariés wéi och de Chambres patronales, déi och kloer Virstellungen doriwwer hunn. Mä ech denken, datt een awer do op e Modell ka kommen, dee jidderengem Satisfaktioun gëtt, a wou mer e grouss Schratt no vir, net am Budget, mä virun allem an der Qualitéit vun deene Forma-tiounen kënne maachen.

Här President, ech hunn d'Impressioun, d'Ma-damm Hetto hätt eppes ze soen oder wëllt mer eng Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Majo, wann Dir d'accord sidd, dann huet d'Madam Hetto d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Selbst-verständlech sinn ech d'accord!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Villmools Merci, Här President. Ech hunn effek-tiv eng Fro. Här Minister, Dir hutt selwer elo gesot, dass Der am Laf vun deem nächste Joer wëllt e Gesetzesprojet erabréngen, fir eng Ana-lyse ze maache vun de besteende Forma-tiounen.

Ech stellen Iech d'Fro: Firwat hutt Der dat net virdru gemaach? Firwat hutt Der dat net ge-maach, éier Der elo higitt a spuere gitt?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Well

mer eis sécherlech och scho mat där doter The-matik beschäftigt hunn. Ech hu virdrun nach eng Kéier ganz kloer gesot, ech wëll dat nach eng Kéier widderhuelen: Et geet net nëmmen drëm, fir hei maximal vill Geld auszeginn.

Ech bedauern, datt dat e bessen d'Approche war an den Debatten de Mëtten: „Mir gi vill Geld aus, also ass et gutt.“ Jo, mir solle Geld ausginn. Mir solle kucken, datt dat Geld bei deenen ukënnt, bei deenen Entreprises a bei deene Salariéen, wou et wirklech hëllef. Dat ass dee Recadrage, dee mer hei maachen. An da solle mer och nach kucken, datt déi Forma-tiounen, déi ugebuede ginn, vun héijer Quali-téit sinn. An dat ass deen nächste Schratt, dee mer onbedéngt musse maachen. Do hu mer schonn dru geschafft.

Wann dat dann dat Eenzezt ass, wat eis hei nach trennt de Mëtten, Madamm Hetto, datt mer et hätte sollen ëmgedréit maachen oder zesumme maachen, da mengen ech, da géife mer och finalement nach alleguerten zefridden hei erausgoen.

Dat ass op jidde Fall den nächste Schratt, dee mir elo uginn. An ech hu mech hei engagéiert, datt mer och dat an dëser Legislaturperiod nach op de Wee bréngen.

Villmools Merci fir d'Zoustëmmung, fir déi, déi dann de Mëtte wëllen zoustëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert den Ensembl vum Projet de loi 6883 iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6883 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiou-nen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

32-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet 6883 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Ne-gri), Fränk Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffer-ding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas) M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lam-berty);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm (par M. Mar-cel Oberweis), Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Marcel Ober-weis, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet (par Mme Octa-vie Modert);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm a gesinn eis muer de Mëtteg um zwou Auer erëm. Villmools Merci. D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.49 heures)